



FR

DE



Choix vun der Alphabetiséierungssprooch: Däitsch oder Franséisch

ALLES, WAT DIR WËSSE MUSST



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Inhaltsverzeechnes

Zesumme wuessen	3
D'Reform ALPHA – zesumme wuessen:	
Ëm wat geet et?	4
Firwat eng Reform?	
Déi grouss Erausfuerderunge vun der Lëtzebuerger Schoul	
Sechs zentral Punkten	
Kalenner vun der Ëmsetzung	
ALPHA – zesumme wuessen an der Schoul: Den Andrea an d'Leni	6
Aschätzung vun den Enseignanten:	
Ee Schüler vun zwee profitéiert vun ALPHA – zesumme wuessen	8
Prozentsaz vun de Schüler ALPHA DE an ALPHA FR no Regionaldirektioun	
Dräi Froen un den Dr. Marc Schmidt	9
Wéi sinn Är Andréck vun ALPHA?	
Firwat ass et wichteg, liesen a schreiwen an enger Sprooch ze léieren, déi no un der Familljesprooch ass?	
Wat hutt Dir an de Klasse beobacht?	
De Parcours an der Grondschoul Etapp fir Etapp	10
De Parcours vum Schüler mat ALPHA – zesumme wuessen	
ALPHA am Resümme	
Informatiounsowender	12



Zesumme wuessen

Eist Land huet sech an deene leschte Joerzénge staark verännert. Lëtzebuerg ass vill méi international ginn. Fir datt eis Schoul an Zukunft alle Kanner fair Bildungschancë bitt, muss och si sech weiderentwéckelen – a virun allem sproochlech méi flexibel ginn.

Och an Zukunft kann all Kand an eiser Grondschoul op Däitsch liesen, schreiwen a rechnen léieren. Mat *ALPHA – zesumme wuessen* kréien d'Elteren elo d'Méiglechkeet, datt hir Kanner dës wichteg Grondkompetenzen op Franséisch kënne léieren. Esou kann all Kand un déi Sprooch uknëppen, déi et vun doheem kennt, a seng Kompetenzen an Talenter vun Ufank u besser entwéckelen. A vill Eltere kënne hir Kanner besser ënnerstëtzen.

Gläichzäiteg stäerkt *ALPHA – zesumme wuessen* d'Lëtzebuerger Sprooch. Si gëtt an den Niewefächer zur gemeinsamer Unterrechtssprooch. An deene Fächer bleiwen d'Kanner och an de Cyclen 2 an 3 zesummen an hirer Klass. Am Cycle 4 kommen se nees déi ganz Woch an alle Fächer beieneen.

Esou verbënnt *ALPHA – zesumme wuessen* zwee wichteg Ziler: All Kand soll am Ufank an enger Sprooch léiere kënne, déi him méi no läit, an all Kand soll Deel vun enger gemeinsamer Schoulgemeinschaft bleiwen.

„Kee Kand däerf un der Sprooch scheiteren, éier d'Léiere richtig ugefaangen huet.“

Dat ass e wichtige Schrëtt a Richtung vun enger méi gerechter Schoul. E Schrëtt, op deem eis Schoulen an d'Enseignantë sech gutt virbereet hunn, deem an de Pilotschoule getest a vun Ufank u wëssenschaftlech begleet gouf. An et ass e Schrëtt, dee bei eist Land passt – bei seng Méisproochegkeet a seng Oppenheet.

Well mir och e gerecht Land wëlle sinn, e Land, dat grad deene Jonke Perspektive bitt, däerf kee Kand un der Sprooch scheiteren, éier d'Léiere richtig ugefaangen huet.

Claude Meisch
Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend

D'Reform ALPHA – zesumme wuessen: Ëm wat geet et?

Firwat eng Reform?

All Kand verdéngt déi bescht Startchancen, fir opzewuessen, ze léieren an d'Schoul zu Lëtzebuerg erfollegräich ofzeschléissen.


Hautdesdaags schwätze méi wéi zwee vun dräi Kanner, déi an d'Grondschoul ginn, weeder Lëtzebuergesch nach Däitsch als éischt Sprooch doheim. Dës Diversitéit ass eng Beräicherung fir eist Land, mee si stellt och eng Erausfuerderung fir vill Schüler duer.

National Evaluatiounen weisen säit Joren, datt Ecarte bei de Schlësselkompetenzen an der Schoul an den

éischte Joren optrieden, virun allem bei Schüler, déi liesen, schreiwen a rechnen an enger Sprooch léieren, déi sech vun där ënnerscheet, déi si doheim schwätzen.


D'Reform ALPHA gëtt den Elteren d'Méiglechkeet, ze decidéieren, ob hiert Kand op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert gëtt. D'Méisproochegkeet, déi de Lëtzebuergesche Schoulsystem auszeechent, gëtt bäibehalen: All d'Kanner léieren weiderhi vun Ufank un Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch.

Déi grouss Erausfuerderunge vun der Lëtzebuergescher Schoul




Méisproochegkeet

D'Sprooch respektiv d'Sproochen, déi d'Kanner doheim schwätzen, berücksichtegen:
1/3 vun de Schüler schwätzt Lëtzebuergesch oder Däitsch
1/3 schwätzt Franséisch oder Portugisesch
1/3 schwätzt eng aner Sprooch




Chancégerechtegkeet

All Kand déi selwecht Erfollegschancë ginn onofhängeg vu senger Mammesprooch a senger Hierkonft



Erfolleg an der Schoul

Leeschtungsënnerscheeder, déi ab den éischte Schouljoren optrieden, reduzéieren



Sozialen Zesammenhalt

D'Zesummeliewe stäerken duerch eng méi grouss Roll vum Lëtzebuergeschen als gemeinsam Sprooch an der Schoul

Sechs zentral Punkten

1 D'ELTEREN HUNN DE CHOIX

Am zweete Joer vum Cycle 1 wielen d'Elteren d'Alphabetisierungs-sprooch vun hirem Kand: Däitsch oder Franséisch. Dobäi gi si vun der Enseignante respektiv dem Enseignant begleet, déi Däitsch oder Franséisch als Alphabetisierungs-sprooch recommandéieren op Basis vum Sproochprofil vum Kand.

2 ALL D'SCHÜLER LÉIEREN DÉI DRÄI SPROOCHEN

All d'Schüler léieren Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch. Just d'Alphabetisierungs-sprooch am Ufank vum Schoulparcours ass anescht: D'Schüler léiere liesen, schreiwen a rechnen entweder op Däitsch oder op Franséisch.

3 ENG GEMEINSAM KLASS ONOFHÄNGEG VUN DER SPROOCH, DÉI D'ELTERE GEWIELT HUNN

All d'Schüler léiere weiderhin an där selwechter Klass.

An de Cyclen 2 an 3 hunn d'Schüler onofhängeg vun der Alphabetisierungs-sprooch zesumme Coursen an den Naturwëssenschaften, am Lëtzebuergesch, a *Vie et société*, an der Konscht an am Sport. Dës Fächer

ginn op Lëtzebuergesch enseignéiert. D'Schüler ginn an zwou Gruppen opgedeelt, an deene si liesen, schreiwen a rechnen léieren an där Sprooch, déi d'Eltere gewielt hunn.

Am Cycle 4 hunn d'Schüler all d'Fächer zesummen an der Klass.

4 D'ROLL VUM LËTZEBUGESCH GËTT GESTÄERKT

Lëtzebuergesch bleift déi gemeinsam Sprooch an der Schoul a gëtt d'Unterrechtssprooch an den Niewefächer.

5 GUTT OP DE LYCÉE VIRBEREET

Onofhängeg vun hirer Alphabetisierungs-sprooch hunn d'Schüler dono déi néideg Kompetenzen am Däitschen an am Franséischen, fir hire Parcours am Lycée entsprechend der Orientierungs-decision um Enn vum Cycle 4 weiderzeféieren.

6 SUIVI AN EVALUATION VUN DER REFORM

Säit dem Lancement a véier Pilot-schoule gëtt de Projet ALPHA begleet a reegelméisseg vun onofhängegen nationalen an internationalen Experten evaluéiert. Dat selwecht wäert de Fall si bei der landeswäiter Generaliséierung.

KALENNER VUN DER ËMSETZUNG

D'Reform ALPHA gëtt no an no an alle Schoulen ab der Rentrée 2026/2027 agefouert.



Cycle 1.2
2026/2027



Cycle 2.1
2027/2028



Cycle 2.2
2028/2029



Cycle 3.1
2029/2030




Cycle 3.2
2030/2031



Cycle 4.1
2031/2032



Cycle 4.2
2032/2033



Alphabetiséierung an enger Sprooch

Liesen a schreiwen léieren
an dëser Sprooch



Léiere vun enger Sprooch

D'Sprooch selwer léieren: se verstoen,
schwätzen, liesen a schreiwen


ALPHA – zesumme wuessen an der Schoul: Den Andrea an d'Leni




Den Andrea an d'Leni wunnen am selwechten Duerf. All Moie gi si zesummen an d'Schoul. Si sinn an där selwechter Klass.



An hirer Klass hunn den Andrea an d'Leni zesumme Coursen an den Naturwëssenschaften, am Lëtzebuergeschen, am Fach *Vie et société*, an der Konscht an am Sport. Dës Fächer ginn op **Lëtzebuergesch** ënnerriicht.





Fir liesen, schreiwén a rechnen ze léieren, geet jiddwereen
an dee Grupp, deen am beschte bei hien oder hatt passt:



Den Andrea léiert
op Franséisch.



D'Leni léiert
op Däitsch.




Mat ALPHA mécht all
Kand an der Schoul
säin eegene Parcours
an där Sprooch,
déi am beschte bei
et passt, a bleift
dobäi a senger Klass.

Kuckt lech de Video
hei un:



Aschätzung vun den Enseignanten: Ee Schüler vun zwee profitéiert vun **ALPHA – zesumme wuessen**

Am Schouljoer 2025/2026 hunn d'Regionaldirektiounen, d'Presidente vun de Schoulcomitéen, d'Gemengen an déi verschidde Servicer vum Ministère hu während dem ganze Joer zesumme geschafft, fir déi konkret Ëmsetzung




an alle Schoulen ze preparéieren. An deem Kader hunn d'Enseignantë vum Cycle 1 vun alle Grondschoule fir jidder Schüler déi Alphabetiséierungsprooch uginnt, déi si am Gëeegentste géinge fannen.

51,4 % vun de Schüler gëtt eng Alphabetiséierung op Däitsch recommandéiert.

48,6 % vun de Schüler gëtt eng Alphabetiséierung op Franséisch recommandéiert.

Dës provisoersch Aschätzung vun den Enseignanten an Enseignanten an alle Regionaldirektiounen weist, datt de Choix vun der Alphabetiséierungsprooch engem reale Besoin entsprécht, fir all Kand vun Ufank un déi bescht Erfolgchancen an der Schoul ze bidden.

Den definitive Choix treffen d'Elteren.





Dräi Froen un den Dr. Marc Schmidt

Den Dr. Marc Schmidt, Direkter vum *Centre de logopédie*, ass Member vum *Conseil scientifique* vun *ALPHA* - zesumme wuessen. Dëse Conseil setzt sech aus nationalen an internationale Fachleit zesummen, déi de Projet begleeten an hir Expertis an d'Ausaarbechtung, d'Ëmsetzung an d'Weiderentwécklung vun *ALPHA* abréngen.

Wéi sinn Är Andréck vun *ALPHA*?

Mir suivéieren de Projet zënter der Aféierung vun *ALPHA* a véier Pilotschoulen am Schouljoer 2022/2023 ganz genee. Mir waren an d'Klassen an hu mat Enseignanten, den Direktiounen an de Schüler geschwat. Wat mir gesinn, ass ganz encourageant: D'Kanner si motivéiert an engagéiert beim Léieren an d'pedagogesch Ekipp hu sech dem Projet voll a ganz ugeholl.

Iwwer d'Joren huet dës Dynamik sech ëmmer nees bestätegt. Fir de *Conseil scientifique* sinn dës Observatiounen aus dem Schoulalldag ganz positiv Signaler a stäerken eisen Avis, fir *ALPHA* progressiv am ganze Land ze generaliséieren.

Firwat ass et wichteg, liesen a schreiwen an enger Sprooch ze léieren, déi no un der Familljesprooch ass?

Fir liesen a schreiwen ze léieren, gräift e Kand fir d'éischt op dat zeréck, wat et mëndlech scho kennt: d'Téin, d'Wierder an d'Strukture vun der Sprooch. Wat dës Grondlage besser verënnerlecht sinn, wat d'Kand sech besser op d'Léiere vum Liesen a Schreiwe konzentréiere kann.

An engem méisproochlege Kontext wéi zu Lëtzebuerg ass et wichteg, de sproochleche Repertoire vun all

Kand ze berücksichtegen. Eng Alphabetiséierungs-sprooch, déi enger Sprooch no steet, déi d'Kand scho kennt, kann den Zougang zur Schrëftsprooch erliichteren. Si erméiglecht et och den Elteren, d'Kand besser bei senger Léierprozesser ze begleeten.

D'Kompetenzen an enger Sprooch kënnen och dobäi hëllefen, eng aner Sprooch ze léieren. Dat nennt een Transfer tëscht de Sproochen. D'Kand fänkt also net bei Null un, mee baut op deem op, wat et scho weess, mat der Ënnerstëtzung vu senger Famill.


Wat hutt Dir an de Klasse beobacht?

Wat mech besonnesch beandrockt huet, ass d'Dynamik an de Klassen. Mir hu keng Trennung tëscht „staarken“ a „schwaache“ Schüler observéiert. Am Géigendeel: D'Kanner léieren zesummen, hëllef sech géigesäiteg a setzen déi verschidde Sproochen op eng natierlech Aart a Weis an.

Lëtzebuergesch bleift déi gemeinsam Sprooch a spillt eng zentral Roll an der Klass, während d'Schüler no an no hir Kompetenzen am Däitschen a Franséischen ausbauen. Mir hunn och

eng staark Motivatioun, eng aktiv Bedeelegung vun de Schüler an eng verstärkt Bedeelegung vun der Famill festgestallt. Dat si ganz encourageant Signaler fir d'Reussite vun alle Kanner a fir eng inklusiv Schoul.

**„Wat mir gesinn,
ass ganz
encourageant:
D'Kanner
si motivéiert
an engagéiert
beim Léieren.“**



De Parcours an der Grondschoul Etapp fir Etapp

Während dem Cycle 1 entdecken d'Schüler d'Sproochen a bereede sech drop vir, liesen, schreiwen a rechnen ze léieren. Vum Schouljoer 2026/2027 u kënnen d'Eltere vu Kanner am zweete Joer vum Cycle 1 déi Sprooch wielen, an där hiert Kand am Cycle 2 alphabetiséiert gëtt.

De Parcours vum Schüler mat **ALPHA** – zesumme wuessen

Cycle 1



- Lëtzebuergesch als gemeinsam Sprooch an der Schoul
- éischt Kontakter mat Däitsch a Franséisch
- Aféierung an d'Sproochen

Zweet Joer vum Cycle 1

- Informatiounsgesprécher mat den Eltere bei de *Bilans intermédiaires*
- Recommandatioun vun der Alphabetiséierungssprooch vun der Enseignante respektiv dem Enseignant
- Choix vun der Alphabetiséierungssprooch duerch d'Elteren am Ufank vum zweeten Trimester: Däitsch oder Franséisch
- Virbereedung op d'Alphabetiséierungssprooch mat geziilten Aktivitéiten

Cycle 2

- Alphabetiséierung
- liesen, schreiwen a rechne léieren op Däitsch oder Franséisch, jee no Choix vun den Elteren
- Niewefächer op Lëtzebuergesch





ALPHA AM RESÜMMEE

Wat ännert

D'Eltere wielen d'Alphabetiséierungs-
sprooch: Däitsch oder Franséisch.

D'Lëtzebuergesch gëtt gestärkt
a gëtt d'Unterrechtssprooch an
den Niewefächer.

Dat pedagogesch Material ass an
den Niewefächer op Däitsch an
op Franséisch.

Wat net ännert

All d'Schüler léieren déi dräi Sproochen:
Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch.

D'Kompetenzen, déi um Enn vun der Grond-
schoul erwaart ginn, sinn déi selwecht, onof-
hängeg vun der Alphabetiséierungssprooch.



D'Schüler hunn déi selwecht Méiglechkeete fir
d'Suite vun hirem Parcours am Lycée onof-
hängeg vun der Alphabetiséierungssprooch.



Cycle 3

- méi Däitschcoursë fir Schüler, déi liesen, schreiwen a rechnen op Franséisch geléiert hunn, a méi Franséischcoursë fir Schüler, déi liesen, schreiwen a rechnen op Däitsch geléiert hunn
- Niewefächer op Lëtzebuergesch

Cycle 4

- selwecht Unzuel un Däitsch- a Franséischcoursë fir all d'Schüler
- Niewefächer op Lëtzebuergesch
- d'Schüler sinn an alle Fächer zesummen an der Klass





Op
Lëtzebuergesch
mat Iwwersetzung
op Franséisch,
Englesch a
Portugisesch

ALPHA zesumme
wuessen

Informationenswender

A Presenz vum Minister fir Education, Kanner a Jugend
Claude Meisch

2026	2026	2026	2026
10.11. <i>18:30–20:00 Auer</i> Gréiwemaacher Centre culturel Machera 3, pl. du Marché aux Bestiaux	16.11. <i>18:30–20:00 Auer</i> Stad Lëtzebuerg Forum Geesseknäppchen 40, bd Pierre Dupong	18.11. <i>18:30–20:00 Auer</i> Zolwer Artikuss 3, rue Jean Anen	24.11. <i>18:30–20:00 Auer</i> Dikrech Al Seeërei rue de l'Industrie



Wëllt Dir méi wëssen?

Dir fannt all d'Informatiounen, Videoe
mat Erklärungen an heefeg gestallte
Froen op: men.lu